



NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

Alstad news

10/2010

Virwuert

Léiw Frënn,



2010 geet esou lues sengem Enn entgéint, an 2011 steet vrun der Dier. Zäit fir e klenge Réckbléck an och en Ausbléck ze man. Mir kënne mat Houfert op d' Joer 2010 zréckkucken: Eng ganz flott Ausstellung „La Danse des couleurs“ mat Tableauë vum Denise Mackel hate mer fir d'Ouschteren am Konschthaus Beim Engel. A wéi et scho sät 1937 eng Tradition ass, wore mir och dëst Joer mat engem Stand op der Fëschmaarter Émaischen derbei.

Ganz houfreg si mir op d'Ausstellung „Grande-Duchesse Charlotte (1896 – 1985)“, déi de Comité Alstad an Zesummenarbecht mam „Luxemburger Wort“ fir de 25. Doudesdag vun onser Grande-Duchesse am Konschthaus Beim Engel gewisen huet. Eng grouss

Éier fir de Comité Alstad wor d'Visite vum Grand-Duc Henri an der Ausstellung iwwert seng Groussmamm. DAusstellung ass du weider gaang op Fëschbech, vu Fëschbech op Colmar-Bierg, wou och de Grand-Duc Jean sech d'Ausstellung iwwert seng Mamm ugekuckt huet. DAusstellung ass dunn nach zu Woltz, Dippech, Betzder a Bieles gewise ginn. De Moment ass se zu Steesel ze gesinn. Hutt dier d'Ausstellung verpasst? An deenen nächste Wochen a Méint hutt dier Geleeënheet, fir d'Ausstellung vun dëser Grande Dame nach ze gesinn zu Welleschten, Ettelbréck, am Konviktsgaart an der Stad, zu lechternach, zu Nidderaanven an och eventuell zu Hesper. Zum Ofschloss, dat wärt esou ém Ouschteren sinn, ass d'Ausstellung dann am Musée de la Déportation zu Hollerech. Ech wéll iech awer elo scho soen, datt un engem Erënnerungsbuch iwwert d'Ausstellung geschafft gëtt. Mir hoffen iech dat fir Ouschteren 2011 kënnen unzebidden.

Uganks September wor um Krempelmaart virum Palais onse 4. Aulebäckermaart, mat Aulebäcker aus Däitschland, Frankräich, Holland an aus der Belsch, mee leider keen aus Lëtzebuerg. Vill Leit, eng gudd Ambiance, jee e flotten Dag. An elo fir dëi kommend Feierdeeg bidde mir lech eng ganz rar Vue vun der Stad Lëtzebuerg un.

Méi dorriwwer op der nächster Säit. Och onse Fotoarchiv gouf weider ausgebaut an zielt de Moment zirka 6000 Fotoën. All deene Leit, déi ons dobäi gehollef hunn, vun dëser Plaz aus e grousse Merci.

Dat wor e kuerzen Iwwerbléck op 2010. Wat steet elo fir 2011 alles um Programm? Fir Ouschteren eng Fotoaustellung vum Carlo Hommel, dann natierlech d'Émaischen. An eppes Neits: „Aulebäcker-Konschtmaart an der Alstad“. Dat soll net némmen en Aulebäckermaart sinn, wou Aulebäcker hier Wuer verkafen, mee och e Konschtmaart fir Profimoler an Hobbymoler, also eng Galerie énnert freiem Himmel, wou Moler kënnen hier Wierker ausstellen an och verkafen. An donieft préparéiere mir fir 2012 de 75. Joeresdag vun der Grënnung vum Comité Alstad. Dat a kuerze Wieder fir d'Zukunft.

Elo bleift mer nach just iwwreg, all onse Sponsoren, Éiremembren a Frënn vum Comité Alstad merci ze soe fir déi grouss Ênnerstëtzung am Joer 2010! Ech wünschen lech ganz schéi Feierdeeg an all Gutts fir 2011. Bis geschwënn.

Jean-Mathias GOERENS
President

O PRUFF

Fotoë vun der Alstad gesicht.

De Comité ass zanter e puer Joer amgaang e Fotoarchiv opzebauen a wier ganz frau iwwer är Mathëllef.

Mir sinn op der Sich no Fotoë vun der Alstad (et kënnen och Filmer sinn, déi dir selwer gedréit hutt). Dat kënnen Architekturfotoë sinn, vu kulturelle Manifestatiounen, selbstverständlech och vu der Émaischen. Och si mir intresséiert u Fotoë vu sportleche Manifestatiounen, (déi sech um Fëschmaart ofgespilt hunn), Fotoë vu Fëschmaarter Veräiner an hiren Aktivitéiten, vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher ewéi z. B. Prossessiounen, Kommuniounen asw., och Fotoë vu Leit, déi um Fëschmaart gelieft hunn. Jee, mir sichen all Zort vu Fotoën oder Filmer, déi mam Fëschmaart ze din hunn.

De Comité Alstad wier frau, wa Leit, déi esou Fotoën oder Filmer hunn, dës zur Verfügung géife stellen, fir datt eng Copie kann dovunner gemaach ginn.

Et versteet sech vum selwen, dat är Originaler mat der gréisstméiglecher Suergfalt behandelt ginn an datt se onbeschiedegt hanneschtgeschéckt ginn. – Wien hëllefe kann oder weider Informatiounen brauch, soll op der Telefonnummer 46 61 88 uruffen. Fir är Mathëllef elo schonn e ganz grousse Merci.

Sätz: 1 Logegaass um Fëschmaart

Postadress:

Postkëscht 1325 • L-1013 Lëtzebuerg

Telefon: 46 61 88 • Fax: 40 97 50

E-mail: comite.alstad@pt.lu

Internet: www.comitealstad.lu

Prospekt der Statt Lüzemburg (Matheus Merian, 1654)



Fir d'Feierdeeg vum Joeresenn bidd de Comité Alstad lech e Faksimile u vun enger ganz schéiner an rarer Vue vun der Stad Lützebuerg. D'Original ass vum Matheus Merian aus dem Joer 1654, gëtt am Geschichtsmusée vun der Gemeng Lützebuerg versuert a kënnt aus der Collectioun vum Lambert Schaus, Matbegrännner vum Comité Alstad.

Dës Vue vun der Stad vu Süden aus gekuckt, huet en ongewéinlecht Format: 36 x 13,5cm

De Faksimile ass gedréckt op Pobeier 250 gr (DIN A3) a kascht 15 €.

Bestelle kann een dése Faksimile beim Comité Alstad duerch Iwwerweise vun der entspreechender Zomm op ee vun onse Konten

Spuerkeess : IBAN LU64 0019 1755 0897 0000

Postscheck : IBAN LU02 1111 0080 8736 0000

Fortis Bank : IBAN LU19 0030 7564 6694 0000

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Faksimile vu Freides, dem 3. Dezember 2010 un am Büro vum Comité Alstad op N° 1 an der Logegaass (2. Stack) um Fëschmaart. An dat all Dag, ausser samschdes a sonndes vu muerjes 09:00 bis 12:00 Auer a mëttes vun 13:30 bis 18:30 Auer.

«MEMBRE D'HONNEUR 2011»

Chers amis de la vieille ville et du Comité Alstad,

En ces derniers jours de l'année 2010, le conseil d'administration du Comité Alstad vous adresse, au nom de tous les membres, ses meilleurs vœux de bonheur et de prospérité. Il vous remercie de tout cœur du soutien et des nombreuses marques de sympathie dont vous avez témoigné à l'égard du Comité Alstad en 2010. L'association « Comité Alstad a.s.b.l. » fondée en 1937 par Georges Schmitt, ancien conservateur au Musée National et Lambert Schaus, ancien ministre et ambassadeur, a pour objet :

- de sauvegarder le cachet historique, urbanistique et culturel de la vieille ville
- d'organiser et de soutenir toutes les manifestations culturelles, folkloriques, artisanales, commerciales, touristiques et sportives qui se dérouleront dans le cadre de la vieille ville et plus particulièrement de l'Émaischen et ceci avec le concours des autorités et groupements intéressés. Cette énumération est indicative et non pas limitative. (Article 3 des statuts)

Pour l'année 2011, notre association réalisera d'importantes et coûteuses manifestations c'est-à-dire : Exposition de photos de Carlo Hommel, l'Émaischen, « Aulebäcker-Konschtmaart »

et la mise en place d'un archive digital de photos sur la vieille ville etc. Et en préparation pour 2012 : 75^{ème} anniversaire de la fondation du Comité Alstad. Le conseil d'administration vous propose de bien vouloir soutenir les activités du Comité Alstad en restant ou devenant membre d'honneur de notre association. Ainsi il espère pouvoir compter sur votre bienveillance et votre appui financier à l'égard des nombreuses activités du Comité Alstad. Il vous invite donc à bien vouloir renouveler respectivement acquérir la carte de membre d'honneur pour l'année en cours.

Voilà pourquoi il vous prie de bien vouloir verser la somme de 12 €, montant qu'il vous reste d'ailleurs loisible de fixer selon votre propre appréciation, à son compte N° IBAN LU19 0030 7564 6694 0000 auprès de la BGL BNP Paribas, ou IBAN LU64 0019 1755 0897 0000 auprès de la Caisse d'Epargne de l'Etat ou bien IBAN LU02 1111 0080 8736 0000, Chèques Postaux., mention « Membre d'honneur 2011 ». La copie du virement/versement fait fonction de carte de membre.

Le conseil d'administration vous remercie cordialement de votre appui tant moral que financier par lequel vous permettez au Comité Alstad de promouvoir la vie culturelle dans notre vieille ville.

Recevez, Madame, Mademoiselle, Monsieur, chers amis de la vieille ville et du Comité Alstad, nos meilleures salutations.
Le conseil d'administration du Comité Alstad a.s.b.l.

ERËNNERUNGSBAND UN D'AUSSTELLUNG GRANDE-DUCHESSE CHARLOTTE (1896-1985)

Fir de 25. Doudesdag vun onser onvergiesslecher Grande-Duchesse Charlotte hat de Comité Alstad an Zesummenaarbecht mam Luxemburger Wort eng Ausstellung organiséiert, déi un dës Grande-Dame erënnert huet. D'Ausstellung gouf an der Stad am Konschthaus Beim Engel gewisen, an duerno huet se de Wee a verschidde Gemenge vum Lëtzebuerger Land uegetrueden.

D'nächst Joer fir Ouschteren kënnt e schéine Fotosband iwwert d'Ausstellung eraus. An deem Fotosband fann dir d'Fotoë vun der Ausstellung aus der Stad, mee och d'Fotoë vun deene verschiddenen Uertschaften, wou d'Ausstellung ze gesi wor.

De Präis wäert esou tëschent 18 an 20€ leien, genee kenne mer dat nach net soen. Elo scho kann een de Fotosband beim Comité Alstad reservéieren. Füllt w.e.g déi Postkaart aus, déi hei derbäilait, a schéckt se zréck un de Comité Alstad.

Äre reservéierte Fotosband kënn dir dann op der Émaischen um Stand vum Comité Alstad ewechhuelen an och do bezuelen. Fir 2€ méi schécke mir iech äre Fotosband „Grande-Duchesse Charlotte“ um Postwee heem.



Foto: Jean Weyrich / Archives Luxemburger Wort

AULEBÄCKER- A KONSCHTMAART 2011 AN DER ALSTAD

Dat nächst Joer, den 2. Juli 2011, organiséiere mir en Aulebäcker- a Konschtmaart an der Alstad ronderëm de Palais. Dee Maart soll eng Galerie énnert fräiem Himmel sinn. Do solle Moler, Keramiker, Skulpteuren zesumme kommen, an op der Plaz hir Konscht virféieren, hir Konscht ausstellen, a Gespräch komme mat Intresséierten. Awer och hunn d'Kënschtler um Aulebäcker- a Konschtmaart d'Méiglechkeet, hir Konscht ze verkafen.

Dat hei soll en Opruff sinn un all Aulebäcker, Moler, Skulpteur, Keramiker asw., ob Hobby- oder Beruffskënschtler, fir op dësem Aulebäcker- a Konschtmaart mat ze maachen.

Sollt dat iech intresséieren, oder braucht dir nach méi Renseignementer, da mellt iech.w.e.g bei ons iwwer Telefon, Fax oder E-Mail. Mir freeën ons elo schon op iech an är Konscht.



RONDERÖM DE FËSCHMAART

GESCHICHT A GESCHICHTERCHER
AUS DER ALER STAD (7)

ZESUMMENGESTALLT VUM CLAUDE ESCH

Wa mer schonn iwwert d'Fëschmaarterplaz schwätzen, wölle mer awer och net vergiessen, ons e bësschen mat der Geriichtsbarkeet ze befaassen, déi fir d'Geschicht vum Fëschmaart net onintressant ass. Datt et op der Fëschmaarter Plaza Hiriichtunge gouf, ass vläicht de meeschte Lëtzebuerger net bekannt. Duerfir wölle mer hei van e puer Fäll erzielen. Am Mëttelalter goufe Verbriecher nach ewell ganz streng bestrooft. Deemno wat ee gestiicht hat, krut een eng Hand eroftgeschloen oder en Ouer eroftgeschnidden, gouf een opgehaang oder gekäppt. Op laang Prisongsstrofen huet ee sech guer net agelooss. Bäi méi klenge Verbriecher gouf de Spëtzbouf un e spezielle Poteau ugestréckt an ausgepeitscht. Den Henker a säi Kniecht



hunn alt emol ganz kräfteg dropgeschloen. Heiandsdo ass et schonn duergaang, wann een de Geck mam Rot oder der Stadverwaltung gemaach huet, fir un de Poteau ze kommen a gebeetscht ze ginn. Hei zu Lëtzebuerg konnten d'Riichter an d'Scheffen de Spëtzbouf esou bestrofen, wéi se Loscht a Laun haten. Wann e Veruerteelten un de Pranger koum, wor dat u sech eng kleng Strof. Do wor de Veruerteelten op kuerz oder laang dem Spott vun de Leit ausgesat.

Mee komme mer elo zu den Hiriichtungen. Déi éischt Noriicht, déi mer hunn, ass aus dem Joer 1388, wou e gewëssen Ardois virun der Méchelskierch higericht gouf. Firwat wësse mer net. Eng gelungen Affaire

vun enger Hiriichtung ass ons iwwerliwwert aus dem Joer 1443, wéi den Herzog vu Burgund den 22. November d'Festung Lëtzebuerg ageholl huet. Den Herzog hat sengen Zaldoten erlaabt, d'Stad ze plënneren. Wéi du déi gestuele Saache verdeelt waren, kruten d'Zaldoten et verbueden, fir d'Awunner nach weider ze belästegen an auszereiberen. Nu wor awer een Zaldot derbäi, e gebiertege Schott, deen huet sech net dru gehal, ass an de Späicher vum Bernhard vu Burscheid agebrach, an huet do Stréi a Fruucht geklaut. Wéi de Propriétaire en dobäi erwësch huet, gouf e vum Zaldot néiergeschloen. Den Herzog gouf déi Saach gewuer, an huet kuerzerhand den Zaldot vu sengem Henker op der Maartplatz um Gaalgen opkneppe gelooss. 1501 huet souguer missen en Henker vu Metz komme, fir e Verbriecher hei zu Lëtzebuerg hinteriichten.

Souill mer wëssen, huet d'Guillotine fir d'éischte Kéier de 24. September 1798 um Fëschmaart gestan. Mee wien do gekäppt gouf, wësse mer net. Den 3. Mäerz 1801 gouf de Cornelius Krell vu Gréiwemaacher gekäppt. Hien hat en Zaldot, dee bai him alogéiert wor, ermuert a seng Läich an d'Musel gehäit. E franséische Paschtouer, deen eng vun him verfouert Fra vu Metz doutgemaach hat, gouf den 23. Juni 1804 zu Lëtzebuerg zum Doud veruerteelt, an den 3. September um Fëschmaart op der Guillotine higericht. Den 3. Dezember 1806 um 11 Auer gouf dat 24 Joer alt Déngschtmeedche Françoise Baljan vu Sierck gekäppt. Et wor beschéllegt, heemlech e Kand kritt ze hunn, dat dout gemaach an duerno an e Weier

gepucht ze hunn. Et wor déi lescht Frau, déi zu Lëtzebuerg gekäppt gouf. Déi lescht Hiriichtung um Fëschmaart wor den 21. Februar 1820. Et wor de Mëller Franz Blasius, 32 Joer, gebierteeg bai Mamer, dee seng Fra an de Millesteng zerquëtscht hat, well hien e Meedchen aus Sandweiler bestueder wollt, dat vun him e Kand erwaart huet. Hien hat déi ganz Sach als Accident getarnt, mee seng Ligen hun him awer náischt genotzt. A wéi schreift de Wachthausen a sengem Gedicht:

Vum Fëschmaart könnnt Gedeisch eriwer; Jös d'Aan am Kapp déi gi mir iwer.



Das secher d'Guillotine dach nött, déi heemlech opgeriicht do gött.

Bis 1896 stong och hei op der Plaza eng vun deene 25 öffentleche Waasserpompelen vun der Stad, déi 1866 baim Bau vun der neier Waasserleitung opgeriicht goufen. Op der Photo vum Norbert Bach, déi ons fréndlecherweis vun der Photothéik vun der Stad Lëtzebuerg zur Verfügung gestallt gouf, gesi mer d'Pompel, an am Hannergrond d'Haus Wurth-Paquet. Wier et net eng flott Iddi, déi Pompel erëm opzeriichten?

Weider op onsem Tréppeltour geet ett an den Alstadnews 11

Quell: Die Altstadt Luxemburg,
Tony Kellen, 1939

*De Comité Alstad wünscht Tech
ganz schéi Feierdeeg an all Gutts fir 2011*

